

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. Abrëll 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister an un den Här Minister fir den Amenagement vum öffentleche Raum weiderzeleeden.

Ewéi an engem Wort-Artikel vum 24. Abrëll ze liesen ass, ass d'Deelstéck vum nationale Vëloswee 23 tëscht Bettel a Furen schonn zanter 15 Joer fäerdeg. Deen Deel, deen sech deem uschléisst – vu Furen iwwert d'Tandel bis bei d'Bleesbréck, deen d'Verbindung tëscht dem PC 16 (Dikrech – Reisduerf) an der Dréi-Flëss-Pist laanscht déi lëtzebuergesch-däitsch Grenz (PC 3) hierstellt – ass allerdéngs ëmmer nach net realiséiert. Weider heescht et am Artikel, datt d'Verhandlungen tëscht dem Staat an de Grondbesëtzer blockéiert wieren – de Staat hätt de betraffene Besëtzer bis dato keng fir si akzeptabel Propose eragereecht. D'Grondbesëtzer géifen sech an deem Sënn Entschiedegungen erwaarden, déi vergläichbar wiere mat deenen, déi de Staat schonn zënter enger Rei Joren bei änleche Verhandlungen de Baueren zougesprach hätt. Des weidere géif och e Buergermeeschter d'Verhandlung wéinst privaten Interessie blockéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un déi Häre Ministeren:

1. Kënnen déi Häre Ministeren déi uewe genannten Informatiounen confirméieren?
2. Wa jo, firwat ass den zoustännege Ministère net méi aktiv ginn an deem Dossier? Aus wéi enge Grënn goufen d'Verhandlungen blockéiert?
3. Firwat léisst de Ministère de betraffene Grondbesëtzer net Entschiedegungen zoukommen, déi vergläichbar si mat deenen, déi de Staat schonn zënter enger Rei Jore bei änleche Verhandlungen de Baueren zu Furen zougesprach huet?

4. Kënnen déi Häre Ministere confirméieren, datt privat Interessie vun engem Buergermeeschter mat verantwortlech si fir de Stopp vun der néideger Weiderféierung vun de Verhandlungen?
5. Wat gedenken déi Häre Minister elo konkret ze ënnerhuelen, fir d'Verhandlungen iwwert dee genannte Vëloswee endlech erëm ze deblockéieren? A wéi engem zäitleche Kader kann een domat rechnen, datt d'Aarbechten um Vëloswee nees ufänken?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten